



Luxembourg, le **19 NOV. 2019**



**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1325 du 14 octobre 2019 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant le radar sur la N11, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 1325 vum 14. Oktober 2019 vum Här Deputéierte Sven Clement

- 1) Den Hiersteller vun de Radaren déi zu Lëtzebuerg am Asaz sinn, gëtt eng Feelerquot bei der Kennzeechenerkennung vun < 3 % un.
- 2) Erfahrungswärter iwwert d'Feelerquot vun der Kennzeechenerkennung vun anere Benotzer oder eng Studie doriwwer sinn dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten net bekannt.
- 3) De Streckeradar hëlt eng Foto vum Auto am Agang an am Ausgang vum ze moossende Streckenofschnëtt. Am Fall wou e Problem bei der Erkennung vun den Nummereschëlter optrëtt, ass folgend Demarche virgesinn : Falls d'Software ob der Foto vum Agang een anert Nummereschëld erkennt ewéi am Ausgang, duerch zum Beispill eng Verschmutzung op der Kamera, ka keng Zouuerdnung vun deenen zwou Fotoe gemaach ginn an deemno gëtt kee Fall erstallt. Béid Fotoe ginn dann automatesch geläscht a ginn net an de Centre national de traitement geschéckt. Am Fall wou op der Foto am Agang an am Ausgang jeweils dee selwechte Feeler bei der Erkennung vum Nummereschëld géing virkommen, gëtt e Fall erstallt an un de Centre national de traitement verschéckt. Do gëtt da fir all eenzelne Fall kontrolléiert, ob dat erkanntent Nummereschëld och mat deem Nummereschëld op de Fotoen iwwerteneestëmmt an ob de Fall auswäertbar ass. Am Fall wou d'Nummereschëld zweemol d'selwecht falsch erkannt gi wär, kann de Beamten d'Nummereschëld verbessere fir d'Auswärtung vum Fall. Sollt am Agang en aneren Auto op der Foto gewiecht si wéi am Ausgang, kann de Beamten de Fall och verwerfen. Et gëtt fir all eenzelne Fall ëmmer eng Kontroll vun all de Fotoen an Daten durch e Beamte gemaach éier den Avertissement taxé oder den Avis de procès-verbal erausgeschéckt gëtt.
- 4) D'Maschinn erstallt just e Fall wa si op enger Foto am Ausgang vum Streckenofschnëtt dat selwecht Nummereschëld erkannt huet ewéi op enger Foto am Agang an d'Zäitdifferenz tëscht dem Ausgang an dem Agang méi kleng ass wéi déi minimal Zäit déi gebraucht gëtt fir déi Streck tëscht dem Waldhaff a Gonnereng mat 90 Stonnekilometer (oder 75 Stonnekilometer fir Camionen/Busser) zeréckzeleeën, woubäi nach 3 Stonnekilometer Toleranz agerechent sinn.
- 5) Den Zouliwwerer ass och gläichzäiteg den Hiersteller an et handelt sech hei ëm d'Firma Vitronic.